


Wou d'Holz net méi schwätzt an d'Gras nach potert

Jhemp Hoscheit


Männer aus Eisen
a Fraen aus Gedold
wéi drote Seeler
keen huet vill ze raschte kritt
net am Walzwierk
net am Stolwierk
net beim Kachdëppen
an dann d'Kanner
deenen hir Bäich gegrommelt hunn
an dann och d'Männer um Block
déi murksen a sech kristillegen
a schonn nees hir Fraen
wa se ouni ze knouteren
de Kuuschesak gepaakt hunn
oder wann de Mann nees opschreiwéi gelooss huet
net wäit ewech vun der Galerie
beim Wiert wou d'Drëppen d'Guergel an de Mo geschauert hunn
fir de roude Stëbs erofzespullen
awer wann de Mo vun de Kanner gegrommelt huet
well d'Molzechten ze moer waren
dann hunn d'Frae geknoutert
an nees op d'Zänn misse bäissen
*an d'Erënnerunge leie begruewen
am Buedem an tèschent de Loen an de Baschten am Fiels
a sichen e Wee aus de Fouen
aus de Rëss an aus de Splécke
vun der Zäit*
Bounäerz
wéi kleng butzeg Steng
ugeschwemmt aus engem vergiessene Mier
wéi a Virwëtzstuten
„Dat ass sech jo de la Mine!“
an d'Minettshäre reiwe sech d'Hänn
an trëppelen iwwert d'Äerzfelder
a kafen de Baueren d'Stëcker of
fir en Apel an e Stëck Brout
awer Äppel a Brout siedegen d'Baueren net
an d'Grimmelen am Kuuschesak bleiwen iwweg
et sinn der, déi am Éislek vum Roude Buedem héieren hunn
verloossen de Baurenhaff a Richtung Minett
an iwwerloossen d'Grompererafen aneren
déi sech iwwert d'Thomasmiel fir hir Felder freeën
*an d'Erënnerunge leie begruewen
am Buedem an tèschent de Loen an de Baschten am Fiels
an de Galerie*
lackelt e Schaz
wéi an enger Goldgrouf
deen aus dem Fiels gebrach a gesprengt
an a Buggie getässelt gétt fir geschmolt a gewalzt ze ginn
de Schaz ass net fir jiddereen
an et knuppt an et donnert
am Steebroch, am Fielschhang an um Block
an d'Buermaschinnen
dubberen an hummeren nach no der Schicht an de Käpp
an d'Murkstricote peche vu Schweess
an de „Gare à la mine!“, ier gesprengt gétt, ass eng Warnung
déi jiddereen versteet
awer wann d'hëlze Stempelen an der Galerie
bis ufänken ze schwätzen an ze jéieren
dann heescht et „d'Holz géif mellen“
a wann een déi Stëmm net versteet
a sech net zur Zäit aus dem Stëbs gemaach kritt
dann huet et gekraacht
an d'Steng koume vun uewen op dee getrollt
iwwert deen d'Bäerbel vergiess hat d'helleg Hand ze halen
oder war et d'Léiffrächen
an d'Leed ass net auszehalen
an dach sinn d'Tréinen nees séier verdréchen
an et gouf sech weider „Gléck op!“ gewünscht
an d'Fauscht gétt net an der Täsche gemaach
mee op Verhandlungsdëscher geschloen
géint Hongerléin
géint Wunnengsnout
géint Entloossungen
géint Lounkierzungen
fir bezuelte Congé a Krankegeld
an d'Schmelzhäre verstinn näischt vu kapotte Récker,
vu Bëlsen, Bloderen a Länzeechen
a scho glat näischt vun der Däischtert
an d'Drëppen um Comptoir bidde keen Trouscht
a keen Ersatz géint d'Roserei
da mussen d'Minettsdäpp sech zesummendoen
an hannert Fändele goen
a Slogane jäize vun der Long op d'Zong
fir besser Paituten an Aarbechtsbedingungen
an den Dampf aus de Kamäiner an aus de Schminnen
leet sech iwwert d'Diecher
a pecht un der frëscher Wäsch
op de Gaardelängten
an den Häipen an de Braken
gétt gekacht, gebotzt, gelaacht, gedantzt, gefeiert, getrauert, gekrasch
a gebaut

am Schiet vun de Schmelzen
an d'Feierstëppler
stëppele bei der rout-gliddeder Kulli
geschützt fir net selwer ze schmëlzen
an d'Schlakentippe si scho laang keng Bakiewe méi fir d'Engelcher
*an d'Erënnerunge leie begruewen
am Buedem an tèschent de Loen an de Baschten am Fiels
a sichen e Wee aus de Fouen
aus de Rëss an aus de Splécke
vun der Zäit*
an d'Zännrieder dréinen net méi
a sprock Stäiler raschten tèschent de Bamkrounen
d'metalle Riedercher vun der Seelerbunn soueren net méi
an d'Schinne sinn zerbëlzt an d'Kabele verwurrelt
niewent doudege Gleiser
mécht den Holzwuerm et sech an de Schwelle gemittlech
an d'Ouschterblumen an de Buggie
vun der Sonn geschminkt
sinn e faarwegen Ersatz fir d'Minettsteng
an d'Konkasseren hunn opgehale ze maufelen
an d'Schmelzen ze fidderen
déi sou hongreg a sou gurmangseg waren
datt d'Héichiewen net Zäit genuch haten
d'Steng aus de Buggien ze verdauen
*an d'Erënnerunge leie begruewen
am Buedem tèschent de Loen an de Baschten am Fiels
an et heescht
et géif Gras driwwer wuessen
awer heiansdo
héiert een dat Gras nach schwätzen
wann ee gutt lauschtert*



Zum Autor

De Jhemp Hoscheit gouf 1951 zu Esch/Uelzecht gebuer. E war Franséischproff an ass Papp vun zwee Kanner. Hien ass bekannt fir seng vill Kannerbicher, Theaterstëcker, Romaner a fir seng satiresch Joresréckblécker, mat deenen hie mam Jules Arpetti op Tournée geet. Bis elo huet hien 30 verschidde Bicher publizéiert. Fir säin autobiographesche Roman „Perl oder Pica“ krut hien 1999 de Prix Servais. De Roman gouf 2005 vum Pol Cruchten verfilmt. De Jhemp Hoscheit krut de Lëtzebuerger Buchpräis 2006, 2008, 2011 an 2014. Bei nationale Literaturconcoursen ass hie bis elo siwe Mol ausgezeechent ginn. 2018 goufen „De Schmunzel – eng ko(s)mesch Geschicht fir Kanner“ mat Illustratioune vum Carlo Schneider an „Wootleche Krich“ – e Gesellschaftsroman, dee sech 1965 ofspilt – publizéiert. 2020 gouf hie vu senger Heemechtsstad mam „Mérite culturel“ geéiert. Am Abrëll 2022 ass „Tèschent den Zeilen“, säi sechste Roman, erauskomm.



Tomorrow never knows
Where the cold wind blows
Tomorrow never knows
Where your sweet smile goes
Tomorrow never knows
You and me, we been standing here my dear
Waiting for our time to come
Where the green grass grows
Tomorrow never knows

In the field your long hair flowed
Down by the Tildenberry tracks
There 'neath the water tower
I carried you on my back
Over the rusted spikes of that highway of steel
Where no more thunder sounds
Where the time goes
Tomorrow never knows

He who waits for the day's riches will be lost
In the whispering tide
Where the river flows
Tomorrow never knows

Bruce Springsteen

(from the album „Working on a Dream“, 2009)
© Sony Music Group/Eldridge



Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) und capybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei capybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt
LÉTZEBUERG

CAPYBARA BOOKS

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

C²DH
LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY